LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°2887 vum 17. September 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Visite du Premier ministre à Lisbonne"**

1. **A wéi engem Kader huet d'Visite den 8te September stattfonnt - privat oder an ëffentlecher Missioun? Falls zum Deel an ëffentlecher Missioun: wéi eng Käschte goufe vum Staat bezuelt?**

   De Premierminister war op Lissabon fir eng Hochzäit. D'Rees war deemno privater Natur an de Premierminister huet all d'Reeskäschte vun sech a senger Fra privat bezuelt.

   D'Funktioun vum Premierminister ass vun Natur aus eng, déi ronderëm d'Auer all Daach an der Woch muss wouergeholl ginn. Deementspriechend kann et och virkommen, dass wärend engem privaten Deplacement och spezifesch Momenter en offizielle Charakter hunn.

   Am Kader vun dëser Rees, sinn de Premierminister a seng Fra och vum portugisesche Premierminister a senger Fra empfaange ginn. Do dernieft war et dem Premierminister wichteg, nom trageschen Accident zu Lissabon, den Affer, hire Familljen a Portugal säi Respekt a Matgefill auszedrécken an déi déif a frëndschaftlech Relatiounen tëscht dem lëtzebuerger a portugisesche Vollek ze ënnersträichen.

   Dës Momenter huet de Premierminister a senger Funktioun als Premierminister wouergeholl a kënnen deementspriechend net als privat qualifizéiert ginn. Aus dëse Grënn huet de SIP iwwert dëse spezifesche Moment kommunizéiert, mee net iwwert dem Premierminister seng Rees als solch.

2. **Wéi eng Richtlinne gëlle fir d'Regierungsmemberen, fir d'Notzung vu staatlechen Déngschter a Kommunikatiounen, wa si privat am Ausland ënnerwee sinn?**

   Mat Ausnam vu Sécherheetsleit a spezifesche Situatiounen, kann e Minister ëffentlech Déngschter nëmmen am Kader vu sengen offiziellen Aktivitéiten an Usproch huelen.

3. **Gesäit d'Regierung een Interessekonflikt, wann offiziell Kommunikatiounskanäl - bezuelt mat Steiergelder - fir d'Promotioun vu privaten Aktivitéite vu Regierungsmembere genotzt ginn?**

   Vu d'Äntwert op d'Fro 1, huet d'Fro 3 kee Bestand. Et gouf keng Promotioun vu privaten Aktivitéiten.

**4. Wäert d'Regierung den Ethikcomité ëm een Avis zu dësem Fall befroen? Falls nee, firwat net?**

Op Grond vun de viregten Äntwerten, besteet keng Basis fir den Ethikrot em en Avis ze froen.

Lëtzebuerg, de 26. September 2025.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN